ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Zu Iechternach entsteet déi nei Sportshal vum Lycée op engem ganz ëmstriddene Zitt. Am Haff vun der eemoleger Primärschoul, direkt hannert dem historesche Gebai vun der Orangerie a ganz no un der Sauer.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Schoulminister.

1) Ass de Bau vun dëser Sportshal landschaftsbildlech mam Denkmalschutz kompatibel?
2) Gouf dozou Fro en Avis vum Service des Sites et Momunents ageholl? Wann net, firwat net?
3) Kann den Héichwaasserschutz op dëser Plaz garantéiert ginn?
4) Wéi eng aner Zitte goufe consideréiert? Wéi eng Krittären hunn dogéint geschwat?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten